PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

De 5ten Abrëll huet den Här Bausseminister matgedeelt, dass déi geflüchte Persounen aus der Ukrain déi bis dohin an der Hal 7 vun der Luxexpo ënnerbruecht waren, missten aus dëser erausplënneren, an dass fir si eng Zeltstruktur um Kierchbierg géing opgebaut ginn. Wéi de Quotidien haut am Artikel *"Réfugiés : le hall 7 rendu à Luxexpo pour l'International Dog Show"* matdeelt, ass op mannst ee vun de Grënn, aus deem d'Leit deplacéiert goufen ass, dass dëse Weekend an den Hale vun der Luxexpo d'"Dogshow" stattfënnt. Een Event wat an der Vergaangenheet schonn duerch Déieremëssshandlungen opgefall ass.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Laut Quotidien huet den Ausseministère folgendermoossen dozou Stellung geholl: "[Il] n'a pas été possible de maintenir le hall 7 en tant que structure de primo-accueil d'urgence au-delà du 11 avril, eu égard à différents engagements souscrits de longue date par les exploitants de la Luxexpo."
   Kann de Minister bestätegen, dass d'"international Dogshow" ee vun deenen Evenementer ass, déi d'Luxeexpo als Grond fir den Deplacement uginn huet?

2. Steet de Ministère weiderhin a Kontakt mat der Luxexpo fir dës Halen zu engem spéideren Zäitpunkt eng weider Kéier ze lounen?

3. Wéi steet de Minister dozou, dass hei ronn 300 Leit deplacéiert ginn, fir eng Dogshow?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député